



D'Bréck téscht Maacher a Wellen

„Sécher Grenzen – Asyl ouni Mëssbrauch“?

IWWERT D'POLITIK VUN DER ADR

Jean Lichtfous*

De Jean Lichtfous analyséiert a sengem Text, wat d'ADR iwwert d'Grenzkontrolle seet.

Wann Dir d'ADR wíelt, da ginn eis Grenze sécher! Da ginn d'Douanneshaisercher erëm a Betrib geholl an déi, déi ofgerappt goufen, erëm nei opgeriicht. Da komme moies d'Frontaliere wéinst de mega Stauen eréischt esou géint Mëtteg op der Aarbecht un. A mir Lëtzebuurger sinn dowéinst ouni Stress ënnerwee. Mir kënnen den Tram erëm ofschafen, well den ass jo just fir déi auslännesch Frontaliere mat eise Sue gebaut ginn. D'Aarbechtslosegkeet fällt, well erëm vill Douanieren agestallt ginn. Wann d'ADR-Wieler op Tréier bëlleg akafe ginn, da sti si och mol eng Stonn am Stau zu Waasserbëlleg. Jo, et muss ee schonn Ongemittlechkeeten op sech huelen, wann ee sécher Grenze well hunn. Nomëttes, wann d'Frontalieren dann endlech ukomm sinn, ginn op de Grenzen

all Leit, déi wëllen op Lëtzebuerg kommen, op Häerz a Niere gepréift, fir datt eist Land sécher bleift, wéll heeschen, d'Camione stauen da bis op Metz oder Léck. Mee dat mécht näischt, Hauptsach, et ass a bleift sécher!

Wann dat gutt ukënnt a richtig effikass ass, da ginn och erëm d'Octroyshaisercher an der Stad virun der aler an der neier Bréck opgeriicht. Da gëtt et an der Stad och erëm méi sécher. An an engems gëtt et Suen an d'Keess, fir ronderëm d'Land, bei Bedarf, een Zonk oder eng Mauer, wie weess, opzeriichten, fir nach méi sécher Grenzen.

Awer geet dat duer géint den dausendfachen Asylmëssbrauch un eise Grenzen? Do sti se jo an der Schlaang a ruffen all Asyl, ob-schonn se nëmme bei eis schaffe komme wëllen, oder schlëmmer nach, just eise Sozialsystem ausnotze wëllen. An da versichen se sech z'integréieren, an da kriss de se net méi fort. Kuckt nëmme ronderëm Europa, all wëlle se heihinner. Déi klamme souguer a

Boter fir iwwer d'Mëttelmier, wou keen normale Mënsch géif draklammen, an awer drécke se sech vir bäi. A well dat net gutt ausgeet, ginn elo sou Grenzstatione wéi zu Waasserbëlleg oder Fréiseng a Libyen, wat soen ech, am Mali, nach besser, a Südafrika, opgeriicht. Dohi ginn dann eis Douanieren an Asyldecideuren detachéiert, an déi entscheiden dann do op der Plaz, wien Asyl kritt a wien net. Dat sinn da „séier an effikass Prozeduren“⁽¹⁾. Kascht de Staat natierlech eppes, mee dat ass ëmmer nach méi bëlleg, wéi wann déi Hongerliddler all bei eis ukommen. Esou kann een dann „de Mëssbrauch vum Asylrecht an déi illegal ekonomesch Immigratioun direkt stoppen“⁽¹⁾.

Wann dann trotzdem awer mol sou ee Schlauchbot ukënnt, oder déi Schlepperschëffer vun de Guttmënschen se zu Malta oder op Lampedusa erausloosen, wat natierlech onbedéngt misst verhënnert ginn, do huet den italieneschen Inneminister

vollkomme Recht, da geet dat net, datt dann zu Bréissel eesäiteg esou Lännerquote festgeluecht ginn, wat fir ee Land der wéi vill muss ophuelen. Dofir well d'ADR d'Asylrecht als „hauptsächlech national Kompetenz a keng Quoten op europäischem Niveau“⁽¹⁾.

Sou gëtt da Schluss gemaach mat deem Asyl an deene Migranten, da si mir erëm ënnert eis, sou wéi an de 1950er Joren. Nom 14. Oktober hu mir „Sécher Grenzen = Asyl ouni Mëssbrauch“⁽²⁾, an da sange mir all zesummen: Hei 't ass eng Freed, ewéi dat geet, mir halen op der Gaass, mir maachen de Leit vill Spaass. D'Klarinett ass ëmmer prett, d'Leit laache sech eng Boss, mee 't ass och net ëmsoss.

* Den Auteur schreift regelméisseg Meinungsartikelen a verschiddene Medien a war Spriecher vun der ASTI
⁽¹⁾ Zitater aus „ADR De Pefferkär Nr. 1, Sait 7“
⁽²⁾ Walplakat vun der ADR